**Evangelium vum 32. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)**

**Mk 12,41-44** (Kuerzfaassung)

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

41 Wéi de Jesus sech am Tempel vis-à-vis vum Afferstack gesat huet,
huet hien de Leit nogekuckt,
déi Suen dragehäit hunn.
Vill Räicher hunn déck Zomme ginn.
42 Dunn ass eng aarm Witfra komm,
déi just zwéin Zantimm[i] ginn huet.
43 De Jesus huet seng Jünger bei sech geruff
a sot zu hinnen: "Amen, ech soen iech:
Dës aarm Witfra huet méi an den Afferstack gehäit wéi all déi aner,
44 well si all hunn nëmmen eppes vun deem ginn,
wat si am Iwwerfloss hunn,
d'Fra awer huet vun deem Wéinegen, wat si hat, alles ginn –
hire ganze Liewesënnerhalt."

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Wuertwiertlech: zwéi Lepta, dat ass ee Quadrans. Ee Lepton war déi klengst jüddesch Mënz.*